








NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

19/2014

## Léif Frënn vum Comité Alstad!

Et geet erëm géint d'Enn vum Joer, an dat ass wéi all Joer den Ament, fir Iech ons nei Publikatiounen a Projetë virzestellen.

Onsen nächste Rendez-vous ass um Chrëschtmaart, wou mir de Weekend vum 12. bis de 14. Dezember bei der Gëlle Fra e Stand hunn.

Dir fannt an dësem Bulletin d'Präsentatioun vun onser neier Editioun vir d'Enn vum Joer:

Eng Vue vun der Stad, vum Kéibierg eriwwer, mat engem flotte Spréchelchen, deen ons drun erënnert, datt d'Léift méi schéin a méi wichteg ass wéi d'Suën.

Vun onsen zwee Puzzelë sinn nach e puer Exemplairen ze kréien, a fir déi lescht Panorama-Plateauë muss ee sech ganz séier bäi man, et sinn der nach eng hallef Dosen do!


Dir gesitt, et ass och dëst Joer fir all Goût eppes do, a mir freeën ons elo schonn op Är Visite op onsem Stand.

Mir wëllen awer och vun der Geleeënheet profitéieren, fir Iech op eng Initiativ vum Comité Alstad hinzeweisen: um Wee vum Bock bei de Palais kéinte mir mat enger Serie Plakke mat Nimm a Joereszuelen un déi iwwer 50 fréier Souverainë vum Land, vum Sigfried bis bei de Grand-Duc Jean, opmierksam maachen. Iwwer dëse Projet, dee bestëmmt d'Touristen an och vill Lëtzebuerger intresséiere wäert, hate mer scho positiv Gespréicher mam Staatsminister, mat der Kulturministesch a mat der Stad Lëtzebuerg.

Am Laf vum Joer hu mer och, op Wonsch vun der Madame Kulturminister, en Dossier opgestallt mat onse Propositiounen, wat fir eng Gebaier a Saachen an der Alstad verdénge géife klasséiert oder an den 'Inventaire supplémentaire' opgeholl ze ginn.

**FIR IECH ALL AN ÄR FAMILLJEN, SCHÉI FEIERDEEG AN E GUTT NEIT JOER**

Äre Comité Alstad




## OPRUFF

*Fotoe vun der Alstad gesicht.*

De Comite ass zanter e puer Joer amgaang, e Fotoarchiv opzebauen, a wier ganz frou iwwer är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoe vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturfotoe sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoe vu sportleche Manifestatiounen, (déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn), Fotoe vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher ewéi z. B. Prossessiounen, Kommuniounen asw., och Fotoe vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoen oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze din hunn.

De Comité Alstad wier frou, wa Leit, déi esou Fotoen oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.

Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn, an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder weider Informatioune brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëllef elo schonn e ganz grousse Merci.


Comité Alstad a.s.b.l.

Siège : 1, rue de la Loge • L-1945
Boîte postale 1325 • L-1013 Luxembourg
Téléphone : (352) 46 61 88
Fax : (352) 40 97 50
E-mail : comite.alstad@pt.lu
www.comitealstad.lu

« Brass 150 » ass e jonke Blechbléiserensemble, deen eréischt am Januar 2014 vun 8 Kollegen zesummegesat ginn ass, fir beim Ofschlossconcert vun de Feierlechkeeten „150 Joer Stad- a Lampertsbierger Musek“ am März 2014 am Cercle matzewierken.

v.l. : Guy Mangers, Basstrombone a Basstuba - Claude Theisen, Trompette – Gilbert Asselborn, Trompette - Bruno Tereba, Trombone - Paul Krummes, Cor an Alphorn - Chrëscht Crelo, Percussioun - Rol Kirch, Euphonium - Eugène Mackel, Euphonium

De Comité Alstad an den Ensemble « Brass 150 » invitéieren all Museksfrënn op e besënnleche „Charity – Concert“ mat typescher, gutt verdaulecher Blosmusek aus Klassik, Jazz bis Pop




# « Charity - Concert »

## E SONNDEG, DE 07.12.2014 UM 16:00 AUER

## an der Méchelskierch um Fëschmaart

**Programm: Vivaldi, Grieg, Schumann, Beethoven, Bach, Fucik, asw.**

**FRÄIEN ENTRÉE**

**duerno Quête zu Gonschte vun der „Fondation Crèche de Luxembourg“ vum Plateau Altmënster**

## Fotoë vun der Alstad gesicht.

De Comité ass zanter e puer Joer amgaang, e Fotoarchiv opzebauen, a wier ganz frou iwwert Är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturfotoë sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoë vu sportleche Manifestatiounen, déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn, Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher ewéi z. B. Prossessiounen, Kommuniounen asw., och Fotoë vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoen oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze din hunn.

De Comité Alstad wier frou, wa Leit, déi esou Fotoen oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.

Et versteet sech vum selwen, dat Är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn, an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder weider Informatioune brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen. Fir Är Mathëllef elo schonn e ganz grousse Merci.


FOTOTHÉICK STAD LËTZEBUERG

# Eng Vue vun der Stad Lëtzebuerg ufanks 17. Jorhonnert

De Comité Alstad proposéiert lech fir d'Feierlechkeete vum Joeresenn eng schéi Vue vun der Stad Lëtzebuerg ufanks 17. Jorhonnert.

De Faksimile vun dëser schéiner Vue ( 23 x 17 cm, gedréckt op Pobeier DIN A4 Carton crème 300 grs, veré Focusart 250gr/m²) kascht 15 €.

Bestelle kann een dëse Faksimile beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun der entspriechender Zomm op ee vun onse Konten

**bei der Spuerkees: IBAN LU64 0019 1755 0897 0000**
**oder Postscheck: IBAN LU02 1111 0080 8736 0000**
**oder bei der BGL-BNP Paribas: IBAN LU19 0030 7564 6694 0000**
*mam Vermierk: Stad Lëtzebuerg XVII Jorhonnert*

All Blat ass numeréiert vun 1-200, an op der Recksäit ass folgend Beschreiwung:


Ville de Luxembourg

... en ce début du XVIIe siècle, et comme l'on approuve le seigneur, qui tend la couronne de la victoire à la jeune fille, allégorie de Luxembourg. NON DIVITIIS, SED CASTITATE ... non pour sa richesse, mais pour sa pureté! Étrange concours de beauté, en vérité, que celui qui se déroule ià sur les hauteurs du Fetschenhof devant ce Pâris à large chapeau et collet de dentelles! Laquelle des deux rivales va décrocher la palme? La jeune femme « pieuse et pauvre », à la pureté un peu transie, ou la vieille toute bardée de respectabilité et d'écus d'or? La jeune beauté évidemment. C'est qu'elle représente, c'est qu'elle est la Ville qui porte si fièrement sur son piédestal de rochers ses tours et ses toitures, ses murailles farouches, les descentes étagées du Grund et du Pfaffenthal et surtout, comme jaillissant de son cœur guerrier, ce fer de lance du Bouc, qui pointe vers la vallée basse où coule l'Alzette sinueuse de ses méandres le Plateau du Rham, l'Abbaye de Neumünster et les ruines plantées de vignes de l'Ancienne Abbaye du même nom.

M. L.

*Är Bestellung kënnt nach virun de Feierdeeg um Postwee bei lech heem.*

*Vläicht hu mir lech heimat eng Iddi ginn, wann der nach op der Sich sidd fir e schéine Cadeau fir déi kommend Feierdeeg.*




## Internetsite vum Comité Alstad

Wien huet Intressi un der Geschicht an um kulturelle Liewen an der Alstad?

Mir sichen eng Persoun mat deenen néidege Kentnisser an der Informatik, fir onsen Internetsite komplett nei ze maachen, an och als Webmaster de Site ze geréiren.

Wann dir dat gär maache géift, da mellt lech bei ons um Telefon 46 61 88 **oder mat engem E-Mail comite.alstad@pt.lu.**

E GANZ GROUSSE MERCI SCHONN AM VIRAUS.

# De Comité Alstad, d'Éimaischen an och Aneres (5)

*Zesummegestallt vum Claude Esch*

## ■ 1940

Den Optakt vun der Éimaischen 1940 huet d'Harmonie Municipale ënnert der Leedung vum Här J. Stein mat engem Concert um Fëschmaart gemaach. Ouschterméindeg, den Dag vun der Éimaischen ass lues ugaang. D'Leit si lues a lues op d'Éimaischen komm, mee wéi um halwer eelef de Prënz Charel an d'Prinzessinne Marie-Gabrielle an Alix ukomm sinn, wor d'Éimaischen schwaarz vu Leit. Begréisst goufen d'Prënzekanner vun den Häre Lambert Schaus a Jean-Pierre Koltz vum Comité Alstad, déi si um Tour iwwert d'Éimaische begleet hunn. Zwou Zeechnunge vum Georges Schmitt si fir fënnef Frang d'Stéck zu Gonschte vun der Vollekskiche verkaf ginn. Op däer enger ass en Aulebäcker ze gesinn, deen an d'Stad op d'Éimaische geet, fir seng Wuer ze verkafen. Op däer anerer ass eng Wäschfra aus Clausen duergestallt, déi d'Wäsch op d'Wiss dréit fir se ze bleechen. Am Nomëtteg, esou géint 4 Auer, wor keng méi vun deenen 800 Zeechnungen ze kréien.

No halwer fënnef hat de Comité Alstad déi schoulpflichteg Kanner op „Schoklaskaffi" a „Kichelcher" an d'Vollekskichen invitéiert. Eng 300 Kanner hate sech do afond. Wivill däer Tase „Schocklaskaffi", (de Kakao wor vu verschiddene Geschäftsleit gestëfft) zerwéiert goufe, wësse mer net. Vun de Bäcker goufen 1100 Kichelcher gratis zur Verfüjung gestallt. Wéi et géint der Owend liicht ugefaangen huet mat reenen, ass d'Éimaischen ëmmer méi eidel ginn. An den Cafëë goung et awer nach laang weider. T'ass gelaacht ginn, an déi al Lëtzebuerger Lidder goufe gesongen.. A wéi heescht et am Luxemburger Wort: *„So sassen die Fischmarkter zusammen mit den übrigen Städtern, Leute aus allen Kreisen und Volksschichten, vergassen auf etliche Stunden all die Not und Trübsal die sonst über uns lauert und liessen sich einspinnen in den Zauber der deftigderben, unverzuckert-wahren luxemburgischen Gemütlichkeit."* An am Café Albert op der Place d'Armes, pardon, op der Paradeplaz, wor eng Ausstellung vum Fotograf Nicolas Siebenaler. A wat huet e gewisen? Éimaischen a Péckvillercher.

1941–1945 gouf et keng Éimaischen um Fëschmaart, an och keen Éimaischens-souvenir vum Comité Alstad.

## ■ 1941

Wéi scho gesot, hat de Comité Alstad elo missen eng Zwangspaus aleeën. Awer eng Éimaischen gouf et nach ewell, wann och net um Fëschmaart. Si gouf op de Knuedler ëmgesiedelt. Aus der gudder aler Éimaischen ass eng Kirmes gi mat Schéissbudd a Karussel. Wann een esou déi verschidde Lëtzebuerger Zeidungen aus däer Zäit liest, war et während deenen 2 Deeg schwaarz vu Leit. Mee op däer Foto, déi ons frëndlecherweis vun der Fotothéik zur Verfüjung gestallt gouf aus der Zäit, gesäit et awer anescht aus.

Hei en Artikel aus dem Luxemburger Wort vum 08. Abrëll 1941

***Bekanntmachung für die Stadt Luxemburg***

*Das Volksfest „Enmmaus», das bisher jährlich am Ostermontag auf dem Fischmarkt abgehalten wurde, findet, da aus verkehrstechnischen Gründen der Fischmarkt nicht mehr in Frage kommt, in diesem Jahre erstmalig am Ostersonntag und Ostermontag auf dem Wilhelmsplatz statt. Auch Belustigungs-geschäfte werden zugelassen. Alle Schausteller und sonstige Marktbeschicker, die zu diesen Veranstaltungen einen Stand oder ein Geschäft errichten wollen, müssen dies sofort dem Stadtpolizeiamt, Dicksstraße 2, schriftlich oder mündlich mitteilen. Dabei ist das Geschäft genau zu bezeichnen und anzugeben, welcher Platz beansprucht wird. Die Zuteilung der Plätze erfolgt am Ostersonntag vormittags durch einen auf dem Wilhelmsplatz anwesenden Beamten.*

*Luxemburg, den 7. April 1941. B 5641*
*Der k. Oberbürgermeister, i. V. Wegener.*




FOTOTHÉICK STAD LËTZEBUERG



FOTOTHÉICK STAD LËTZEBUERG

*Auch dies Jahr „Emeischen" - Wie aus einer Bekanntmachung in der amtlichen Rubrik hervorgeht, findet die „Emmaus» auch in diesem Jahre statt. Nur wird sie wegen der Enge des Fischmarktes und der schmalen Straßen der Altstadt auf den Wilhelmsplatz verlegt. Dazu wird sie nicht auf den Ostermontag beschränkt bleiben, sondern bereits am Ostersonntag beginnen. Die Bewohner des Fischmarktviertels werden mit dieser Lösung sicher einverstanden sein, da das Gedränge, das alljährlich am Ostermontag gelegentlich der „Emeischen» herrschte, direkt lebensgefährlich war. Auf dem Wilhelmsplatz aber wird das Volksfest sich einmal richtig entfalten und ausbreiten können. Und auch die Kinder werd en sich einmal die dort zum Verkauf gestellten Herrlichkeiten, die „Weihrâche», die „Pickvillercher» und all den bunten Krimskrams ansehen können, ohne von der nachhdrängenden Menge immer wieder geschoben und gestoßen zu werden. Dem Klingenden Erfolg der Geschäftsleute um den Fischmarkt dürfte diese Verlegung kaum Abbruch tun, da die Besucher der „Emmaus" an diesen beiden Tagen so wie so darauf halten werden, den alten Freunden um die „gölle Klack» herum einen Besuch abzustatten und den traditionellen Schoppen mit ihnen zu leeren.*

*(Weider an den Alstad News 20)*